## Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

# News

## 9.8.2016 The official language situation in Luxembourg

09 **Aug** *2016*

(comments: 0)

The official language situation in Luxembourg:

1. In Luxembourg, there is no "official" language.

2. There is ONE NATIONAL LANGUAGE: Luxembourgish.

3. There are THREE equal ADMINISTRATIVE LANGUAGES: Luxembourgish, German and French. These languages can be used to communicate with the administrations. The 3 administrative languages are also officially recognized as languages in court.

4. The laws are written in French.

Read more … 9.8.2016 The official language situation in Luxembourg

## 23.7.2016 Den Här Meisch behaapt Franséisch wier hei zu Lëtzebuerg d'« langue de survie ». Här Meisch, dann erkläert eis wat dann elo mat deenen geschitt, déi keen oder net gutt Franséisch kënnen?

23 **Jul** *2016*

(comments: 0)

Fir den Här Meisch ass déi franséisch Sprooch zu Lëtzebuerg "la langue de communication et « langue de survie »"

Wat geschitt dann elo mat deenen, déi keen oder net gutt Franséisch kënnen? Kënnen déi net iwwerliewen? Oder sinn déi elo ganz einfach ausgeschloss? (Exklusioun?)

Mir erënneren drun, dass zu Lëtzebuerg nëmmen em déi 10% vun den Awunner frankophon vun doheem

aus sinn an dass fir déi aner 90% (Lëtzebuerger wéi Auslänner) et eng Friemsprooch ass.

Wier et net besser eppes dofir ze maachen, dass Lëtzebuergesch erëm "la langue de communication" géif ginn, oder en méisproochegen Model, wou een och mat Lëtzebuergesch, Däitsch oder Englesch kéint iwwerliewen?

Read more … 23.7.2016 Den Här Meisch behaapt Franséisch wier hei zu Lëtzebuerg d'« langue de survie ». Här Meisch, dann erkläert eis wat dann elo mat deenen geschitt, déi keen oder net gutt Franséisch kënnen?

## 12.7.2016 D'Schülerkonferenz wëll Lëtzebuergesch an Englesch an der Schoul méi pushen!

12 **Jul** *2016*

(comments: 0)

"Et ass wichteg dass jiddereen hei am Land eis Sprooch richteg schwätzen an schreiwen kann!"

seet de Präsident vun der Schülerkonferenz

"An der Haaptsaach fënnt d'Schülerkonferenz, also d'Conférence nationale des élèves du Luxembourg (Cnel), dass dat Englescht, dat Lëtzebuergescht an d'Civique-Coursen an Zukunft méi solle gefërdert ginn,...."

http://www.rtl.lu/letzebuerg/931442.html

Read more … 12.7.2016 D'Schülerkonferenz wëll Lëtzebuergesch an Englesch an der Schoul méi pushen!

## 10.7.2016 A manner wéi 5 Joer sinn d'Lëtzebuerger an der Minoritéit. Mir brauchen e Plang fir dass d'Integratioun nach kann geléngen

10 **Jul** *2016*

(comments: 0)

Zu Lëtzebuerg liewen elo 580.000 Leit, an dovun sinn 53% Lëtzebuerger.

Wann de Wuesstem (mat der Bevëlkerungsexplosioun) sou weider geet wéi déi lescht Joer dann liewen an 5 Joer hei zu Lëtzebuerg 645.000 Mënschen an dovun 49% Lëtzebuerger. Vun deem Ament un wäerten d'Lëtzebuerger eng Minoritéit sinn.

Duerch déi Entwécklung ännert sech eist Land fundamental a mécht déi gutt Integratiounspolitik vun de leschten 100 Joer onméiglech. Nëmmen bei engem moderaten, kontrolléierten Wuesstem, wou och all d'Kanner an de lëtzebuergeschen Schoulsystem ginn an wou am Alldag Lëtzebuergesch d'Haaptsprooch ass, ass eng richteg Integratioun méiglech.

Am Plaz vun eiser sozialer Kohäsioun riskéiert d'Land sech an Parallelgesellschaften ze splécken.

Mee déi gréissten Affer vum staarken onkontrolléierten Wuesstem sinn eis Ëmwelt an d'Liewensqualitéit. A Punkto Infrastrukturen, Verkéier, Verbauung an Naturschutz wäert d'Land u seng Grenzen stoussen.

Hei sinn eis Zieler, sou wéi och en visionären Bléck op d'Zukunft vun Lëtzebuerg.

http://www.wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 10.7.2016 A manner wéi 5 Joer sinn d'Lëtzebuerger an der Minoritéit. Mir brauchen e Plang fir dass d'Integratioun nach kann geléngen

## 20.6.2016 Kee Plang!

21 **Jun** *2016*

(comments: 0)

D'Regierung setzt op en massiven Wuesstem vun iwwer 10.000 Awunner méi pro Joer an iwwer 1 Millioun Awunner am Joer 2050.

Den CNFP "Conseil national des finances publiques" hannerfreet elo d'Politik vun der Regierung.

D'Tageblatt schreift: Und in diesem Zusammenhang vermisst der CNFP weiterhin eine"integrierte Diskussion auf allen Ebenen, für wie realistisch man diese Zahl eigentlich halte, ob man sie bewusst anstrebe und ob Luxemburg dem gewachsen sei."

Mir sinn fir en nohaltegen kontrolléierten Wuesstem bis 2050.

Folgendes misst elo gemaach ginn:

1. De Wuesstem baséierend op en staarkt Zouhuelen vun der Immigratioun an de Grenzgänger thematiséieren. Wéi soll d'Integratioun fonctionnéieren?

2. D'Konsequenzen vum Wuesstem op eis Liewensqualitéit diskutéieren (z.B. Wunnengsnout, Verkéierschaos, Ëmweltproblemer, a Verbauung).

3. Käschten vu neier Infrastruktur fir de Staat thematiséieren (z.B. nei Autobunnen, Schoulen, Staatsbeamten, Waasserversuergung an Spideeler).

4. D'Ofhängegkeet vun eisen Sozialsystemer zu engem staarken Wuesstem thematiséieren.

http://www.rtl.lu/letzebuerg/922816.html

Read more … 20.6.2016 Kee Plang!